piraten.lu
N°3117
Entrée le 28.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.10.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Een Artikel am Tageblatt vum 27ten Oktober thematiséiert d'Opstelle vu grousse Werbebildschiermer an de Sécherheetsrisiko, deen domadder fir Automobilisten am Stroosseverkéier anhirgeet. Rezent gouf mam Bau vum GridX zu Steebrécken esou eng Werbetafel opgestallt.

"*Es ist fast unmöglich, beim Vorbeifahren nicht auf den Screen zu schauen. Auf Tageblatt-Nachfrage, ob das die Fahrer ablenkt, lautet die Antwort der Straßenverwaltung schlicht: „Nein." […] Neben der Autobahn ist das nicht nur potenziell gefährlich, sondern schadet auch dem Landschaftsbild – und ist eine weitere Quelle der Lichtverschmutzung.*"

Verschidde Gemengen hunn d'Opstelle vun esou Bildschiermer an der Vergangenheet verbueden, grad aus Grënn vun der Verkéierssécherheet, an et schéngt deemno keng eenheetlech national Reegelung ugewannt ze ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Dierf egal wien op sengem Terrain eng Werbetafel opstellen?
2. A wéi enge Situatioune ka Ponts et Chaussées d'Opstelle vu Werbetafele verbidden?
3. Ab wéini bewäert d'Ponts et Chaussées, dass d'Sécherheet fir de Stroosseverkéier duerch eng Werbetafel beanträchtegt ass?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. A wéi enge Situatioune kënnen d'Gemengen d'Opstelle vu Werbetafele verbidden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten